ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Ech kréie gesot, datt op engem Fluch vun der gréisster däitscher Fluchgesellschaft vu Frankfurt op Lëtzebuerg dat däitscht Bordpersonal am Numm vun der Lëtzebuerger Regierung e Blat fir auszefëllen ausgedeelt huet. Gefrot gëtt do ausféierlech no Kontakter, déi de Fluchpassagéier hat, dee jo nëmme mat engem negativen Test konnt an dee Fliger klammen, an och no enger Persoun fir am Noutfall ze kontaktéieren. Dozou wëll ech dës Froe stellen, well bei 25 Minutte renger Fluchzäit esou en Ziedel och net ganz ka studéiert ginn:

1. Wat fir en Zweck huet dee Genre Contact-Tracing bei Leit mat engem negativen Test?
2. Wien huet dee Formular an Optrag ginn?
3. Ass d'Ausfëlle vun deem Formular obligatoresch an ass an deem Fall d'Fluchpersonal instruéiert, fir op d'Fräiwëllegkeet hinzeweisen?
4. Ass aus deem Formular ersiichtlech, u wien déi Informatioune weidergeleet ginn?
5. Gëtt op deem Formular op d'Rechter vum Fluchpassagéier higewisen, fir seng perséinlech Daten an déi vu sengen eventuelle Kontakter ze schützen a ginn d'Ufuerderunge vum Dateschutzgesetz respektéiert?
6. Huet dat Lufthansa-Bordpersonal iergend e Recht, esou perséinlech Passagéierdaten ze gesinn?
7. Denkt d'Regierung am anere Fall drun, aus evidente Grënn vum Dateschutz a vun der Diskretioun, fir esou Donnéeën, sollte si da korrekt erfrot gi sinn, nom Ausfëllen an en Ëmschlag kënnen ze maachen, ier si agesammelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten